N°2413
Entrée le 04.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit a vum Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°2413 vum 5. Juni 2025 vum honorabelen Här Deputéierten Marc Georgen.**

**1. Fënnt de Sportminister, dass no dëse Faiten den Nationaltrainer vun der Nationalequipe nach haltbar ass?**

Laut Artikel 3 vum Sportgesetz vum 3. August 2005 mëscht sech de Sportminister net an intern Organisatiounsfroen vun Verbänn an.

**2. Fannen d'Ministeren, dass d'FLF mat deem aktuellen Optriede gesellschaftlech Wäerter, wéi Respekt, Schutz vun Affer vu Gewalt, Respekt viru Fraen, Demokratie a Pressefräiheet respektéiert?**

D'Ministeren befannen, dass der FLF hiren Optrëtt am Zesummenhang mat der Nominatioun vun engem Spiller, deen ënner anerem wéinst Kierperverletzung géint seng fréier Partnerin verurteelt ass, net d'Wäerter vertrëtt, déi den Sportministère an de Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit verdeedegen a promouvéieren.

D'Ministeren setzen sech fir eng gewaltfräi Gesellschaft an, déi Wäerter wéi Respekt, Toleranz an Inklusioun net nëmmen héichhält, mee och lieft – an dat an all Liewensberäicher.

Zu Lëtzebuerg verdeedege mir och demokratesch Grondrechter, zu deenen d'Pressefräiheet gehéiert, souwéi de Respekt virun demokratesch gewielte Politikerinnen a Politiker. All Member vun eiser Gesellschaft ass gebieden, sech un déi Prinzippien ze halen.

De Ministeren ass et och wichteg, sech iwwer dës Positioun an engem oppenen Dialog mat der FLF auszetauschen. D'Ministesch huet der Federatioun dofir och den 10te Juni e Bréif zoukomme gelooss, deen dëst ubitt. An deem Sënn si scho Gespréicher mat der FLF initiéiert ginn.

Doriwwer eraus begréissen d'Ministeren der FLF hir Entscheedung vum 10te Juni 2025 eng onofhängeg Ethikkommissioun ze etabléieren, déi d'Faite ronderëm déi uewe genannten Affaire opschaffen an déi néideg Konsequenze proposéiere soll. Dëst ass e Schratt an déi richteg Richtung. D'Ministeren soen och der Zivilgesellschaft Merci fir hiren Engagement, deen eng wichteg Roll spillt bei der gesamt gesellschaftlecher Sensibiliséierung géint all Forme vu Gewalt.

**3. Wäerten de Sportminister oder aner Regierungsmemberen an nächster Zäit bei Sportsevenementer oder Präisiwwerreechungen am Lëtzebuerger Fussball dobäi sinn?**

Jo, de Sportminister wäert an nächster Zeit präsent sinn och fir den Dialog mat de verantwortleche Sportfuntionären oprecht ze erhalen. Gläichzäiteg ass et den Ministeren wichteg fir d'Equippen a Sportler ze ënnerstëtzen di näischt mat dëser Affaire ze dinn hunn.

Lëtzebuerg, den 04. Juli 2025

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes